# CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP



Bei eis sidd Där doheem.

säit 2012

GEMENG SUESSEM

CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP




**Centre Intégré pour Personnes Âgées**

RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP

60, rue Waassertrap
L-4408 Belvaux
reception@cipa.sanem.lu

TÉL 59 49 40 - 1
FAX 59 49 40 - 3399
**cipa-sanem.lu**


ESCEM CERTIFIED ISO 9001:2015

ENTREPRISE RESPONSABLE

FSC — DES FORÊTS POUR TOUS POUR TOUJOURS

GEMENG SUESSEM — CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP

## Léif Lieser·innen,

Op de follgende Säite wëlle mir Iech d'Liewen an der **Résidence op der Waassertrap**, eis Philosophie, eis Aarbechtsmethoden an eis Servicer op eng authentesch Aart a Weis méi no bréngen.

Säit mir de 16. Juli 2012 fir d'éischte Kéier eis Dieren opgemaach hunn, sti mir als *Centre Intégré pour Personnes Âgées*, kuerz CIPA, fir een éischtklassege Service am Déngscht vun de Senior·inne aus der Regioun an dem ganze Land.

An engem professionellen a gesécherten Ëmfeld gi mir Mënschen iwwer 65 Joer d'Méiglechkeet, dëse Liewensabschnitt a gudder Gesellschaft a mat kompetenter, individuell ugepasster Betreiung ze genéissen. Mir bréngen Ofwiesslung an Ären Alldag a bidden an engem stilvollen Ambiente héchste Wunnconfort mat familiärem Charakter.

Mir hoffen, datt dës Broschür all Är Froe beäntwerte kann. Wann Dir awer nach méi iwwert eisen Zenter wësse wëllt, dann zéckt net a mellt Iech ganz einfach direkt bei eiser Ekipp, déi Iech gär méi am Detail bereet.

Mir wënschen Iech vill Spaass beim Liesen!

**Alain Willet**
*Direkter vum CIPA Résidence op der Waassertrap*

## Léif Alleguer,

Et ass mir eng ganz besonnesch Freed, an dëser Broschür vum CIPA **Résidence op der Waassertrap** e puer Zeilen un Iech riichten ze kënnen.

An dëser Publikatioun fannt Dir op ee Bléck alles Wëssens- a Liesenswäertes ronderëm eise CIPA, eis Philosophie, eis Servicer an Aktivitéiten. Dir wäert gesinn, datt d'Wuelbefanne vun de Senior·innen hei zu all Moment Virrang huet an datt de Fokus dorop läit, all Bewunner·in een ofwiesslungsräichen an usprochsvollen Alldag an engem ugepassten a gesécherte Kader ze garantéieren.

Et ass mir ee ganz besonnescht Uleies, datt all d'Generatiounen an eiser Gemeng nëmme vun der beschter Liewensqualitéit profitéiere kënnen, vun deene ganz Klenge bis bei eis Senior·innen. An deem Sënn sinn ech houfreg dorop, datt de CIPA REWA dat eenzegt Haus am Land ass, dat och haut nach a Gemengenhand läit. Fir eis als Gemeng Suessem huet d'Seniorepolitik ee grousse Stellewäert an et ass selbstverständlech, datt mir eis mat ënnerschiddlechsten Initiativen a Servicer aktiv fir eis eeler Generatioun asetzen.

Esou ass eent op jiddwerfalls ganz sécher: An der **Résidence op der Waassertrap** gëtt Qualitéit grossgeschriwwen. Sief dat d'Qualitéit vum Service, vun der Gastronomie, vun den Aktivitéiten oder ganz einfach d'Liewensqualitéit vun de Residenten. An dësem Kontext läit et mir ganz besonnesch um Häerz, der ganzer Ekipp vum CIPA ee grousse Merci ze soen an hinnen ze felicitéiere fir hir wäertvoll Aarbecht, déi si dagaus, dagan am Numm vun eise Senior·inne leeschten. Mat Häerzblutt a Savoir-faire leeë si alles dorunner, d'Bewunner·innen op déi beschtméiglech Manéier ze versuergen, ze fleegen, fir si ze kachen, ze botzen an ëmmer een oppent Ouer ze hunn.

Am Juli 2012 ass de CIPA an ee fonkelneit a speziell un d'Bedierfnesser vun de Senior·innen ugepasstent Gebai op d'Waassertrap geplënnert, wou et de Bewunner·innen un absolutt näischt feelt. An dësem moderne Komplex verwinne mir d'Residenten niewent engem uspriechenden, hellen a seniorefrëndlechen Interieur mat engem idylleschen, begréngte Park souwéi ville verschiddenen Akafs- a Fräizäitméiglechkeeten an dësem innovativen neie Quartier. Hei léisst et sech ouni Zweiwel gutt liewen!

Ofschléissend bleift mir just nach ze soen, datt mir och weiderhin eist Bescht wäerte ginn, fir all Bewunner·innen eng individuell an ugepasste Seniorebetreiung ze garantéieren an hinnen esou een agreabelen a wierdege Liewensowend ze erméiglechen.

Ech wënschen Iech alleguerten am Numm vum ganze Schäffen- a Gemengerot eng gutt Gesondheet a vill Spaass beim Liesen.

**Simone Asselborn-Bintz**
*Buergermeeschtesch vun der Gemeng Suessem*




*Et gëtt hei näischt, wat mer net gefält!*
*Et ass dat Bescht, wat eis geschéie konnt.*
*Mir si frou, hei ze sinn.*
**M. Erpelding a seng Fra Mme Erpelding-Felten**

## Wee mir sinn

D'**Résidence op der Waassertrap** ass ee vum Schäfferot vun der Gemeng Suessem geféierte *Centre Intégré pour Personnes Âgées*. Déi dagdeeglech Gestioun gëtt vun der Direktioun vum CIPA assuréiert an et gëtt alles dorunner gesat, den 120 Bewunner·innen déi beschtméiglech Liewensqualitéit am fortgeschrëttenen Alter ze bidden. An dësem Sënn garantéiere mir all Bewunner·in eng respektvoll a perséinlech Betreiung, déi voll a ganz op déi jeeweileg Wënsch a Bedierfnesser ofgestëmmt ass.

*Een, deen hei net zefridden ass,*
*ass néirens zefridden.*
**M. Tozzi a seng Fra Mme Berg**

### Eis Philosophie

Am CIPA **Résidence op der Waassertrap** steet de·d'Bewunner·in zu all Moment am Mëttelpunkt. Et läit eis ganz besonnesch um Häerz, datt all Résident·e sech bei eis wuel an doheem fillt.

Ee Schwéierpunkt läit op der Erhalung an der Stimuléierung vun der Autonomie vun all eise Bewunner·innen. Selbstverständlech ass eis Ekipp 24 Stonnen am Asaz an disponibel, wann Ënnerstëtzung noutwendeg oder erwënscht ass, mee et ass eis eng Häerzenssaach, datt all Bewunner·in säin·hiren Alldag selbstbestëmmend plangen a verbréngen kann.

Mir sinn ausserdeem immens houfreg drop, d'Méiglechkeet ze hunn, eise Bewunner·innen een ofwiesslungsräichen an aktiven Alldag bidden ze kënnen, wou jiddweree fräi a souguer gebieden ass, seng perséinlech Wënsch ze kommunizéieren. Mir freeën eis ëmmer iwwert nei Iddien, déi et eis erlaben, Neies ze erliewen, eis Servicer auszebauen an d'Qualitéit vun eiser Offer ze optiméieren.

### Eis Wäerter

Respekt, Sécherheet, an eng individuell Betreiung sinn d'Sailen, op déi mir eisen Zenter opgebaut hunn. Mir setzen alles dorunner, datt jiddwereen e Maximum u Liewensqualitéit genéisse kann. Fir dëst ze erreechen, stelle mir fir d'éischt sécher, datt d'Aarbechtsklima fir d'Mataarbechter·inne vum CIPA zu all Moment zefriddestellend a beräicherend ass. Op dëser Basis bilt sech ee professionellt a motivéiert Team, wat zesummenhält, déi selwecht Iddien a Wäerter vertrëtt an all Dag mat Leidenschaft a Motivatioun bei der Saach ass.

Donieft leeë mir och vill Wäert dorobber, datt d'Bewunner·innen iwwer hir Rechter a Flichten innerhalb vun eiser Gemeinschaft informéiert sinn.

Esou entsteet eng op Vertraue baséierend Bezéiung innerhalb vun eisem Team, mee och tëschent dem Personal an de Bewunner·innen.

### Eis Aufgaben

An der **Résidence op der Waassertrap** läit et eis besonnesch um Häerz, eis Bewunner·inne sou gutt et geet ze verwinnen an hinnen eng grouss Auswiel un héichwäertegen an ofwiesslungsräichen Déngschtleeschtungen unzebidden, déi jiddwerengem säin Alldag individuell verschéineren a beräicheren. All d'Servicer an Offeren entspriechen ausserdeem de gesetzleche Fuerderungen wéi och den Ufuerderunge vun de Fleegeversécherungen, sief dat a Bezuch op d'Ënnerbréngung, d'Gastronomie, d'Verfleegung, d'Animatioun, d'Fräizäitgestaltung asw.

Mir setzen alles dorunner, datt Dir gesond, mobil a selbststänneg bleift a suergen zu all Moment dofir, datt Är Sécherheet garantéiert ass. Op dës Aart a Weis kënne mir Iech een angeneemen a gesécherte Liewensofschnëtt an engem sympatheschen a gesellege Kader garantéieren.



## Eis Infrastrukturen

An engem moderne Gebai mat grousse Fënsteren, déi de Banneraum mat vill natierlecher Luucht fëllen, hu mir een oppenen, gemittlechen a selbstverständlech senioren- a behënnertegerechte Raum geschaf, deen immens villfälteg notzbar ass. Een Aktivitéits- a Gemeinschaftsraum, ee Bastelzëmmer, eng Bibliothéik souwéi een idyllesche, begréngte Bausseberäich bidden zu all Dageszäit ofwiesslungsräich Beschäftegungsméiglechkeeten.

Iwwerall am Haus goufe Sëtzméiglechkeeten an -ecken ageriicht, déi dozou alueden, interessant Gespréicher mat Gläichgesënnten ze féieren, nei Kontakter a vläicht souguer Frëndschaften ze schléissen.

Donieft huet all Bewunner·in säi·hiert privat Räich, an deem hie·si fräi ass, ze maachen, wat hie·si sech wënscht. Esou bidde mir eng perfekt Balance tëschent Gesellegkeet an der noutwendeger Privatsphär.

*Ech entdecken ëmmer Neies. Jiddwereen ass frëndlech an ech begéine vill Leit aus der Géigend.*
**Mme Lang-Borschette**

Eng separat Demenzstatioun bitt Mënsche mat ageschränkte kognitive Fäegkeeten ee séchert an angeneemt Doheem mat spezieller an ugepasster Betreiung.

D'**Résidence op der Waassertrap** weess ausserdeem mat senger exzellenter Lag ze iwwerzeegen. Engersäits ass si vun de pittoreske Bieleser Naturlandschaften ëmginn, déi wonnerschéi Vuen an Tréppelweeër bereethalen. Op där anerer Säit bidden de Quartier Belval an déi gréisste Südstad, Esch-Uelzecht, déi nëmmen e puer Minutte vum CIPA ewech leien, vill ofwiesslungsräich Akafsméiglechkeeten.

### Eis Zëmmeren

Vun den insgesamt 120 Zëmmeren an eisem Zenter ginn der 119 als feste Wunnsëtz genotzt, wärend eent als Vakanzenzëmmer, also fir befristet Openthalter, ka gebucht ginn.

Et ginn zwou verschidden Zorte vun Zëmmeren:

- 25 m² mat engem Balcon vu 5 m²
- 30 m² ouni Balcon

All Zëmmer ass zum Deel miwweléiert a beinhalt ee Bett, zwee Schief, ee Safe an een am Nuetsdësch integréierte Frigo. De Rescht vum Zëmmer kann all Bewunner·in genau sou ariichten, wéi et him·hir gefält. Är Wunneng soll Är individuell Perséinlechkeet spigelen an een Ausdrock vun Ärem Liewensstil sinn. Dir kënnt also Är eege Miwwelen, Är Dekoratioun an all Är Erënnerunge matbréngen, fir datt Dir Iech an Ärem neien Doheem esou wuel fillt wéi nëmme méiglech. Eis technesch Ekipp hëlleft Iech och gäre beim An- an Opriichten.

D'Buedzëmmere si selbstverständlech barrierefräi an deementspriechend op d'Bedierfnisser vu kierperlech ageschränkten oder Mënsche mat engem Handicap ofgestëmmt.

All Zëmmer huet en Telefons- an en Televisiounsuschloss a selbstverständlech kritt all Bewunner·in op Ufro Zougang zum hausinternen Internet.

### Eist Vakanzenzëmmer

D'Vakanzenzëmmer ass fir zäitlech begrenzten Openthalter vu Mënschen iwwer 65 Joer geduecht. Wann Är Famill z.B. an d'Vakanz fiert an Dir net eleng doheem bleiwe wëllt oder wann Dir Iech ganz einfach ee Bild vum Liewen an der **Résidence op der Waassertrap** maache wëllt, well Dir doriwwer nodenkt, fest heihinner wunnen ze kommen, da reservéiert Iech ganz einfach d'Vakanzenzëmmer fir e puer Deeg oder e puer Wochen a loosst Iech vun eisem Service iwwerzeegen. Mir freeën eis op Äre Besuch!

D'Vakanzenzëmmer ass 40 m² grouss, komplett miwweléiert a mat follgenden Ariichtungen ausgestatt:

- Ee Buedzëmmer mat Toilette
- Eng Dusch an ee Lavabo
- Ee Bett
- Ee Schaf
- Abauschief fir méi Stauraum
- Een Nuetsdësch mat integréiertem Frigo
- Eng Televisioun
- Een Telefon

*D'Personal ass fantastesch an de Restaurant 4 Stären. Hei ass ee jiddwerfalls gutt versuergt.*
**Mme Tonet-Schmit**







## Betreiung a Fleeg

Fleeg heescht fir eis op enger respekt- a vertrauensvoller Basis d'Wuelbefannen an den Alldag vun all eenzelem·r Bewunner·in op eng agreabel Aart a Weis ze beräicheren an ze verschéineren.

An dësem Sënn steet eist gutt ausgebilte Personal mat vill Erfarung a Fangerspëtzegefill 24 Stonnen op 24 an dëst 7 Deeg op 7 an alle landestypesche Sproochen am Déngscht vun de Senior·innen. Ee kompetent Team aus professionellen Infirmieren·èren, Aide-Soignante·ën, Seniorefleeger·innen an anerem Personal ass op all Fleegesituatioun a -grad agestallt a bitt zu all Moment eng individuell un déi jeeweileg Bedierfnesser ugepasste Fleeg a Betreiung.

> *D'Personal ass immens fein.*
> *Déi wëssen, firwat se hei sinn.*
> **M. Geiben**

Dir kënnt Iech also zu 100 Prozent op eis Ënnerstëtzung verloossen!

Selbstverständlech ginn déi individuell Perséinlechkeet an déi ganz eege Liewensgeschicht vun all Bewunner·in wäertgeschat an an eis verschidde Methoden an Therapien integréiert.

Donieft schaffe mir enk mat den Apdikten, Dokteren, Pedikür-Cabineten esouwéi anere Prestatairen an der Gemeng zesummen, déi reegelméisseg Visitten am CIPA maachen.





## Dagesbetreiung fir Senior·innen

Fir Leit iwwer 65 Joer, déi nach doheem wunnen, mee déi sech geleeëntlech iwwert soziale Kontakt a sympathesch Gesellschaft freeën, bitt d'**Résidence op der Waassertrap** Dagesbetreiung fir Senior·innen un.

Dir kënnt also een oder méi Deeg an der Woch bei eis am CIPA verbréngen, an eisem Restaurant iessen an un allen Aktivitéiten deelhuelen, déi eist Animatiounsteam ubitt. Owes fuert Dir dann nees bei Iech heem. Op Ufro organiséiert de CIPA och gären den Transport hin an zeréck.





## Eis verschidden Aktivitéiten

**Alldagsaktivitéiten**
- Kreativatelieren
- Bitzen
- Kach- a Bakatelieren
- Manikür
- Bingo
- Musek a Sangen
- Filmnomëtteger
- Gesellschaftsspiller
- …

**Kulturell Aktivitéiten**
- Faart mat der *MS Princesse Marie-Astrid*
- Visitt vum Palais Grand-Ducal, dem *Casino 2000* oder der *Luxlait*-Fabrick
- Ausflich op verschiddene Mäert an der Regioun
- Ausflich an de *Beetebuerger Park*
- Ënnerschiddlech Concerten
- Foto- a Konschtausstellungen an der Entrée vum CIPA
- …

**Kierperlecht Wuel**
- Sëtzyoga
- Danz am Sëtzen
- Keelen
- Fitnessraum (ugepasst un d'Bedierfnesser vu Senioren)
- Buerféisswee
- Fangergymnastik
- …

**Mentaalt an intellektuellt Wuel**
- Gediechtnesaktivéierung
- Therapeutesche Gaart
- Sophrologie
- Achtsamkeet
- Psychologesch Betreiung
- Eveil sensoriel (Snoezelen)
- Reegelméisseg Massen
- …

**Reegelméisseg Ausflich**
- *Cactus*
- *Adler*
- *Oberweis*
- *Concorde*
- *Bank*
- …

**Saisonal Ausflich**
- *Schueberfouer*
- *Oktav*
- *Eemaischen*
- Chrëschtmaart
- …

**Auslandsreesen**
- Holländesch Plage
- Titiséi
- Lécker Maart
- …

## Animatioun

Eent ass sécher: An der **Résidence op der Waassertrap** huet een ëmmer eppes ze dinn. Egal ob ee léiwer eleng oder a Gesellschaft ass, ob ee sech gäre kierperlech betätegt oder sech léiwer mental fit hale wëll, et ass fir jiddwereen dat Richtegt dobäi. Eis motivéiert Ekipp vun Animateuren·ricen a Fleeger·innen suergt Dag fir Dag vu moies bis owes dofir, datt keng Langweil opkënnt an datt jiddwereen genau déi Beschäftegung fënnt, op déi ee grad Loscht huet.

Niewent reegelméissegen Aktivitéiten am CIPA organiséiert d'Animatiounsteam geselleg Ausflich innerhalb, awer och ausserhalb vu Lëtzebuerg. Dobäi ass d'Sécherheet an d'Wuel vun de Senior·inne selbstverständlech zu all Moment garantéiert.

> *Et ass besonnesch flott, ënnert de Leit ze sinn, u Spiller deelzehuelen, Gesellschaft ze hunn. Ech si frou, hei ze sinn. Wat géif ech dann doheem maachen?*
>
> **Mme Mentz**

D'Bewunner·inne vum CIPA sinn ausserdeem gebieden, sech an d'Organisatioun vun den Aktivitéiten anzebannen. Jiddwereen, deen eng Iddi oder ee besonnesche Wonsch huet, kann dëst der Ekipp vun der Animatioun matdeelen, déi dann alles an d'Weeër leet, fir dëst am Kader vum Méiglechen ëmzesetzen.







## Aussergewéinlech Virdeeler

D'Animatiounsekipp organiséiert reegelméisseg *Sport a Spill*-Kompetitioune mat aneren Alters- a Fleegeheemer, déi entweeder an der **Résidence op der Waassertrap** stattfannen oder mat engem Ausfluch an een aneren Zenter verbonne sinn. Dëst erlaabt et de Bewunner·innen nei Leit an een anert Ëmfeld kennenzeléieren.

Och den intergenerationellen Austausch gëtt an der **Résidence op der Waassertrap** grossgeschriwwen. A reegelméissegen Ofstänn gi Projete mat Jugendhaiser a Crèchen organiséiert, fir déi verschidde Generatiounen enee méi no ze bréngen an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, vuneneen ze léieren a mateneen eng schéin Zäit ze verbréngen.

De Kontakt mat Déieren huet een änlech positiven Afloss op d'Wuelbefanne vun de Mënschen. Aus dësem Grond kréien d'Bewunner·innen heefeg Besuch vu Begleetdéieren – z.B. Muppen a Kazen – mat deene si kënne spadséieren goen, déi si heemelen a kämme kënnen oder déi hinne Gesellschaft leeschten, wa si et brauchen.

Zwee Mol am Mount kommen och d'Clowne vun der Organisatioun *Île aux Clowns* an der **Résidence op der Waassertrap** laanscht, fir an enger sympathescher Ambiance e bësse gutt Laun ze verbreeden. Jiddwereen, dee wëll, ass wëllkomm mat hinnen ze sangen, ze danzen oder einfach nëmmen e bëssen ze poteren.

Naturverbonnenheet ass ee weidere wichtege Facteur, deen an der **Résidence op der Waassertrap** net vernoléissegt gëtt. Niewent engem grénge Park am Bannenhaff, wou een eleng oder mat der Famill déi frësch Loft genéisse kann, huet de CIPA een idyllesche *Jardin de Vie* ageriicht, wou d'Bewunner·inne sech ënnert anerem ëm d'Beplanzung vun enger ganzer Rei Hochbeeter këmmere kënnen. Doniewend gouf op dëser Plaz och ee Parcours mat Geräter opgeriicht, déi et erlaben un der frëscher Loft Übungen ze maachen, fir beweeglech a kierperlech fit ze bleiwen.

## Projet de vie

All Mënsch huet seng eege Liewensgeschicht, déi duerch perséinlech Entwécklungen, Dreem an déifste Leidenschaften entsteet. Mir freeën eis dorop, eis Bewunner·innen an hire perséinleche Werdegang kennenzeléieren an hinnen esou ee ganz besonneschen a vläicht och méi ausgefalene Wonsch erfëllen ze kënnen.

An dësem Kader ware mir scho mat engem Grupp Senior·innen an de Päerdsstall reiden, nodeems eng Bewunnerin eis erzielt huet, wéi gäre si hiert Liewe laang geridden ass.

Een anere Bewunner huet jorelaang zu Esch op der ARBED geschafft an huet sech näischt léiwer gewënscht, wéi nach eemol d'Héichiewen um Belval kucken ze goen. Esou hu mir alles a Beweegung gesat, fir mat him an e puer aneren Interesséierten op den Héichuewen zu Esch eropzeklammen, fir him dëse Wonsch z'erfëllen an esou eng wonnerschéin an emotional Erënnerung nei opliewen ze loossen.



*Et ass ee gutt versuergt. Et huet ee keng Suergen a keng Problemer, wann ee sech keng sicht. Et gëtt vill Amusement an d'Iessen ass néirens sou wéi hei.*

**Mme Flammang-Pletsch**





## Eis Servicer

### Restaurant *Kaschthaus*

D'**Résidence op der Waassertrap** verwinnt hir Gäscht aus dem CIPA, der hir Familljen awer och Leit vun auswäerts mat engem exzellente Restaurant, dee moies, mëttes an owes eng Auswiel u frëschen a gesonde Platen zerwéiert, déi an der eegener Kiche vu professionelle Käch preparéiert ginn. Mir leeën ausserdeem grousse Wäert op eng ausgeglachen an ofwiesslungsräich Kichen, déi op déi ënnerschiddlech Bedierfnesser vun de Bewunner·innen ofgestëmmt ass. Fir besonnesch Occasioune wéi Gebuertsdeeg oder aner Feierlechkeete gëtt et ausserdeem d'Méiglechkeet Familljefester am Restaurant ze organiséieren, wou de Menü Äre perséinleche Wënsch ugepasst gëtt.

De Restaurant ass zäitgenëssesch ageriicht a bitt vill natierlech Luucht an enger oppener a frëndlecher Ambiance. An de waarme Méint vum Joer kënnen d'Gäscht·inne vum *Kaschthaus* hir Molzechten och op der Terrass genéissen, vu wou aus si eng wonnerschéi Vue op den hauseegene Park an déi beandrockend an idyllesch Bieleser Naturlandschaft hunn. All Joer fënnt hei och ee gesellegt Summerfest fir d'Bewunner·innen an hir Famillje statt.

> *Ech si léiwer hei wéi doheem.*
> **Mme Eltgeroth-Belvaux**

Op Wonsch kënnen d'Bewunner·innen hir Platen och op hirem Zëmmer zerwéiert kréien, wa si e bësse Privatsphär wëllen.

### Repas sur roues

All d'Senior·innen, déi an der Gemeng Suessem wunnen, hunn d'Méiglechkeet, sech 365 Deeg am Joer vum *Repas sur roues* waarm Molzechten heem liwweren ze loossen, déi an der Kiche vun der **Résidence op der Waassertrap** preparéiert ginn.

Dir kënnt allkéiers tëschent all Kéier tëschent zwee Menüe wielen, déi jeeweils aus enger Zopp, engem Stéck Fleesch oder Fësch, engem *féculent*, engem Geméis oder enger Zalot, an engem Dessert bestinn. Ären ausgewielte waarme Plat gëtt da jeeweils tëschent 11.00 an 13.00 Auer direkt virun Är Hausdier geliwwert.

Méi Informatioune kritt Dir ënnert der Nummer 59 49 40 - 1.






### Botzservice

Déi sanitär Anlagen am CIPA gi selbstverständlech all Dag professionell propper gemaach. Déi eenzel Zëmmere ginn eemol – oder bei Bedarf och e puer Mol – an der Woch, gebotzt. Och Är Wäsch musst Dir net méi selwer maachen. Dat iwwerhuele mir fir Iech!

### Coiffersalon

D'**Résidence op der Waassertrap** huet een eegene Coiffersalon mat engem professionellen Team aus erfuerene Coiffer·eusen, déi souwuel de Bewunner·inne wéi och auswäertege Cliente·ë hir Servicer ubidden. Huelt Iech ganz einfach ee Rendez-vous a loosst Iech verwinnen.



### De Shop

Ee klenge Shop um Rez-de-chaussée vum CIPA verkeeft eng ganz Rei Klengegkeeten, déi jiddwereen am Alldag gutt gebrauche kann. Vu klenge Snacks a Séissegkeeten iwwert Gedrénks, Uebst a frësch Mëtschen bis hin zu Zeitungen an Hygieneartikele fannen d'Bewunner·innen hei alles, wat hinne feelt.



## Umeldung

Fir Iech oder ee Familljemember am CIPA **Résidence op der Waassertrap** unzemellen, geet et duer, den Umeldungsformular op der Website www.cipa-sanem.lu auszefëllen an un d'Direktioun vum CIPA ze schécken.

Bei weidere Froen, sti mir Iech natierlech gären zur Verfügung.

Tel. +352 59 49 40 - 1
Fax. +352 59 49 40 - 3399
secretariat@cipa.sanem.lu

GEMENG SUESSEM

CIPA RÉSIDENCE OP DER WAASSERTRAP